ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Gebai vun der aler Nationalbibliothéik waart nach ëmmer op eng nei Bestëmmung. Vill Propositioune sinn dozou an deene leschte Jore geäussert an erëm verworf ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Kulturminister:

1) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt den Tribunal de commerce provisoresch an d'Gebai kënnt, well net genuch Plaz an der Cité judiciaire ass?
2) Wa jo, ass dru geduecht, fir dem Rez-de-chaussée eng aner Verwendung ze ginn? U wat fir eng Verwendung gëtt dobäi geduecht?
3) Wat hält d'Madamm Minister vun der Iddi, ee Museum fir sakral Konscht am Gebai anzeriichten?
4) Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, am Rez-de-chaussée ee Visitor Center mat Projectiounsraum anzeriichten, wou d'Touristegruppen, déi jo meeschtens bei der Gëlle Fra rausgelooss ginn, sech iwwer eist Land informéiere kënnen an och visuell Appetit op Lëtzebuerg gemaach kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**